



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6321 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

Ad 1)

Den Total vu Formateuren/Prestatairen, déi während dem Exercice budgétaire 2020 vum IFEN bezuelt gi sinn, beleeft sech op 1.256. Fir den Exercice budgétaire 2021 waren et der 1.271.

Ad 2)

D'Formateuren, déi vum IFEN bezuelt ginn, sinn all IFEN-extern Persounen. Et ka geleeëntlech virkommen, datt och Mataarbechter vum IFEN Formatiounen halen, allerdéngs gëtt dëst da mat hirer Aarbechtszäit verrechent.

Bei der Applikatioun vun den Tariffer vum Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) muss een tëschent dräi verschidden Zenarien ënnerscheeden, jee no Kategorie vum Formateur :

- a) Déi Formateuren, déi zu den "agents de la fonction publique luxembourgeoise" gehéieren. Am Fall wou dës Formateure Formatiounen ausserhalb vun hirer Tâche halen, gi si op Basis vun Declaratioune bezuelt, déi si ausfëlle mussen. D'Tariffer, déi hei applizéiert ginn, stinn an :
- *der Loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'Éducation nationale*
 - *am Règlement grand-ducal modifié du 25 août 2015 déterminant les tarifs horaires des formateurs et les indemnités des évaluateurs intervenant à l'Institut de formation de l'Éducation nationale, tous précisés comme basés sur un indice 100.*

Dës Tariffer ginn also ëmmer mat deem zum Zäitpunkt vun der Prestatioun gültegen Index applizéiert.

- b) Déi extern Formateuren, déi d'Konditiounen akzeptéieren, sou wéi se am Gesetz definéiert sinn. (Mat Bezuch op de Punkt 1.)
- c) Am Fall vu spezifesche/komplexe Formatiounen, fir déi mir keen internen an och keen externe Formateur hunn, deen déi gesetzlech Tariffer acceptéiert, féiert den IFEN Verhandlung mat engem externe Formateur (Independant, Gesellschaft oder Associatioun). Wa bei de Verhandlungen een Accord fonnt gëtt, gëtt e Kontrakt fir 1 Joer opgestallt, a seelene Fäll och fir méi Joren. An dëse Fäll gëtt keen Index applizéiert, well et sech hei ëm gemeinsam negociéiert Tariffer handelt, déi vu béide Säiten acceptéiert goufen a just iwwert de limitéierten Zäitraum vum Kontrakt gëllen.

Lëtzebuerg, de 11. Juli 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH